

Drénkwaasserschutzzone Stauséi

FAQ

Informatiounsversammlung, Concertatioun Gemengen, Aarbechtgruppen

Versammlung mat de Gemengen :	25/06/2018 – Wahl 26/06/2018 – Bauschelt + Wanseler 27/06/2018 – Stauséigemeng 28/06/2018 – Rammeresch 29/06/2018 – Esch-Sauer
Informatiounsversammlung fir all Bierger :	04/07/2018 – Esch-Sauer

1. Allemeng Froen

Firwat brauchen mir déi nei Schutzzonen? Et ginn elo schonn sanitär Schutzzonen.

- ➔ Déi sanitär Schutzzonen vun 1961 sinn net no wëssenschaftlechen Critères ausgewisen ginn. Deemools sinn einfach geografesch Punkten mateneen verbonnen ginn. Déi nei Schutzzonen kucken wou d'Waasser hierkënnt an wou de Risiko méi grouss ass. Platzen déi no bei der Staumauer sinn, hunn ee méi grouse Risiko an ginn dofir anecht klasséiert wéi Platzen déi wäit fort leien. Déi nei Schutzzonen goufen wëssenschaftlech ausgewisen, mat Hëllef vun engem renomméierten Bureau d'études.

Ass landwirtschaftlech Aktivitéit nach méiglech? Ee groussen Deel vum Eschduerfer Plateau läit do dran !

- ➔ D' landwirtschaftlech Aktivitéit bléift weiderhin méiglech. Déi staark Restriktiounen betreffen virun allem d'Schutzzonen I an IIA. Dat sinn nëmmen 2% vun de Flächen. Do leien ausserdeem keng landwirtschaftlech Flächen, mä dat ass den direkten Ëmfeld vun der SEBES Anlag an vum Stauséi bei der Staumauer.
- ➔ Den Eschduerfer Plateau läit haut schonn an der Sanitärer Schutzzone 1. Haut dierf also laut Gesetz vun 1961 och keng Gülle an keng Pestiziden op dëser Platz ausbruecht ginn. Dat dierft also näischt änneren wann een d'Gesetzgebung vun 1961 anhält. Dat ass eng ganz sensibel Platz wou alles direkt an de Stau leeft wou de SEBES d'Waasserentnahme mëscht.

Kréien d'Bauern Indemnitéiten an Hëllef?

- Den Ëmweltministère bitt elo schonn, zesummen mam SEBES an mat der LAKU, verschidden Moosnamen un fir d'Betriber aus der Stauséi Regioun. Sait 2016, goufen schonn iwwert 1,2 Milliounen Euros vum Waasserfonds ausginn.
- Wéi bei de Schutzzonen ronderëm Grondwaasserquellen, wäert de Landwirtschaftsministère och Hëllef virgesinn fir déi betreffen Betriber. D'Reglement gëtt momentan ausgeschafft.

Bio-Landwirtschaft: Ass Bio-Landwirtschaft nach Méiglech beim Stauséi?

- Bio-Landwirtschaft bléift natierlech méiglech. An der Zone IIB, ganz no beim Stauséi, dierf keen organeschen Dünger ausbruecht ginn. Dat entsprécht 2,4 % vun de landwirtschaftlechen Flächen. Op den restlechen 97,6 % ass keng Restriktioun op den organeschen Dünger. Do ass Bio-Landwirtschaft also kee Problem.


Kennt d'Pollutioun net aus der Belge? Wat gëtt an der Belge ennerholl?

- Waasseranalysen vun der Sauer a vum Stauséi weisen dat z.B. d'Nitratwäerter op der Grenz besser sinn wéi am Stauséi an an verschidde Niewebaachen. Dës Pollutioun geschitt also um Lëtzebuurger Territoire.
- Fir awer all Pollutioun déi aus der Belge kennt ze vermeiden, gëtt momentan eng Konventioun finaliséiert wou et em grenziwwerschreidend Kooperatioun fir de Waasserschutz sollt goen. Mat dëser Konventioun, wier et z.B. méiglech verschidde Restriktiounen och an der Belge ze applizéieren.

„Cours d'eau“ : Ginn kleng Baachen d'selwecht behandelt wéi déi grouss? Wat ass d'Définitioun vun engem cours d'eau, sinn dat och déi Baachen déi am Summer drëschen sinn?

- Cours d'eau ass am Waassergesetz definéiert: « un chenal en majeure partie superficiel, conducteur d'eau permanent ou temporaire ». Ausserdeem sinn dat déi Gewässer déi um Geoportail affichéiert sinn. Baachen déi am Summer dreschen sinn falen also och hei drënner.

Schutzzone IIC ass 100 m laanscht Gewässer : 100 m vum Waasser mam Hang oder en ligne droite ?

- 100 meter mam  Hang

Fir de Risiko kleng ze haalen, misst een all Kläranlag aus dem Gebitt eraus huelen?

- Déi meescht Kläranlagen ginn mat der Ringleitung vum SIDEN op den Heischergronn gepompelt an d'Waasser gëtt ausserhalb vum Stauséi traitéiert. Déi wéineg Kläranlagen déi am Gebitt

bléiwen, ginn all moderniséiert an kréien méi streng Auslafwäerter. Esou kritt een de Risiko minimiséiert.

Sinn Schutzzonen um Computer ausgewisen ginn oder sinn och Léit op den Terrain kontrolléiere komm?

- D'Aussestell Norden vun der Waasserverwaltung ass op den Terrain kontrolléieren gaangen. Ausserdeem ass een Deel vun den Studien (landwirtschaftleche Risiko) vum Bureau d'études zesummen mat Acteuren aus der Region (Naturpark) gemaach ginn.

Läit d'Duchfabrik vum Naturpark an enger Zone?

- Mat den aktuellen sanitären Schutzzonen läit d'Duchfabrick zum Deel an der Sanitärer Zone I. Mam neien Reglement läit d'Duchfabrick ganz ausserhalb vun den Schutzzonen.

Programme de mesure: Ween këmmert sech drëm dat dësen emgesat gëtt?

- De SEBES als Waasserfournisseur soll ee Programme de Mesure erstellen (Subside 75 % vum Waasserfonds). Dat ass also keng Aufgab fir d'Gemeng. De SEBES soll Ënnerstëtzung duerch een „Animateur“ kréien, deen och subsidéiert gëtt.

Ween informéiert de Bierger iwwert all dës Ännerungen? D'Bauern hunn hier Beroder an ee Ministère, mä vill Bierger wëssen net dat sech eppes ännert.

- Programme de Mesure: Sensibiliséierung vun de Bierger ass virgesinn. Et ass also duerch Méiglech dat een zum Beispill ee Flyer ausschafft mat den Informatiounen fir d'Bierger.

Ass d'Nitratproblematik an de letzten Joer besser oder méi schlemm ginn?

- Nitrat ass +/- stabil bliwwen. Och wann de Niveau vun de Nitrater am Stauséi ënnert dem Grenzwäert fir Drénkwaasserqualität ass, ass de Stau eutroph an huet zevill Nitrater. Verschidde Niewebaachen vum Stauséi sinn ganz belaascht an hunn Nitratwäerter iwwert dem Grenzwäert.
- Nitratkonzentratioun ass op der Grenz mat der Belge besser wéi am Stauséi. De Nitrat Problem kennt also net nëmmen aus der Belge, mä vu Lëtzebuerg.

Muss ee fir alles eng eenzel Autorisatioun froen oder geet 1 demande d'autorisation duer fir alles ofzeddecken?

- Wann een 1 Autorisatioun freet kuckt d'AGE all d'Punkten. Et muss een also net fir alles eng eenzel Demande maachen.

Wéi ass et mat den Tankstellen zu Martelange?

- Bestandschutz. Wat elo do steet kann stoen bléiwen. Wann een awer eppes Neies installéieren wëll, dann kritt ee méi streng Oplagen wéi dat virun 20 Joer de Fall wuer.

Kritt ee Bauer deen net Member vun der LAKU ass och eng Dérogatioun?

- Derogatioun kann all Betrib kréien deen sech engagéiert eng fräiwëlleg Mesure ëmzesetzen déi dee selwechten Positiven Effekt huet. Als Member vun der LAKU ass et méi einfach fir ze wëssen wéi eng Programmer dat sinn an do kann ee vun den Koordinatoren gehollef kréien. Et ass awer keng Flicht bei der LAKU Member ze sinn.

Firwat muss Gülle verbueden ginn? Wat ass eigentlech de Problem mat der Gülleausbrengung wann et zum richtegen Zäitpunkt gemaach gëtt?

- D'Gefor ass d'Auswäschen vun der Gülle wann et reent. Och wann et 2 Wochen nom Ausbréngen reent, gëtt een Deel vun der Gülle ausgewäsch. Wat ee méi no bei der Baach oder beim Stau ass, ass de Risiko méi héich. D'Gülle stellt zum Beispill eng bakteriologesch Gefor fir d'Léit déi am Stauséi schwammen.

Gouf am Virfeld schonn mat de verschidden Interessengruppen oder Propriétaires geschwat?

- Concertatiounen mat de verschidde Verwaltungen (ASTA, SER, ANF, Pont et Chaussées) an Ministèren (Landwirtschaft, Economie, MDDI). Procédure publique ass geduecht fir déi aner betreffen Acteurs ze informéieren an auszetauschen.

Sinn Hënn um Strand verbueden?

- Am projet de Reglement grand-ducal steet näischt doriwwer. Et ass awer de „bon sens“ dat een den Hond net fräi op enger Plage lafen léisst an dat ee vermeide soll dat een Hond ant Waasser geet wann Léit dran schwammen.

2. Froen zu den Artikelen vum Projet de RGD

Art.24 – Wat sinn „substances actives“? Ass dat och den Ofdrift vun de Pneue? Salz?

- Substance actives ass am RGD zu den Planzeschutzmëttel definéiert. Dat ass also net fir de Salz oder Pneue geduecht, mä nëmmen fir Pestizide.

Art.24 – Firwat Glyphosat? Firwat eng Lëscht mat 8 Produkter?

- ➔ Verschidde vun deenen 8 Substanzen sinn elo schonn verbueden. Déi 8 Substanzen sinn déi problematesch Substanzen déi an de Baachen an am Stauséi gemooss ginn. AMPA (Ofbauprodukt vum Glyphosat) gëtt an de Niewebaachen vum Stauséi erëmfonnt.

Art.24 – Keng Pestiziden méi: „Wat dierf ech dann nach huelen fir meng Rousen ze behandelen?“

- ➔ Privatgebrauch gëtt d’selwecht behandelt wéi d’Agrikultur. Geféierlech Substanzen déi am Waasser detektéiert ginn soll ee net méi benotzen. Verschidde Substanzen kommen net aus der Landwirtschaft mä aus dem Privatgebrauch. Et ass awer net all Planzeschutzmëttel verbueden, mä nëmmen déi 8 Produkter. Fir de Privatgebrauch ginn et verschidde Methoden déi zum Beispill an der Bio-Landwirtschaft benotzt ginn.

3. Froen zum Tableau Annexe II

Chapitre 1. Industrie et commerce

1.3 – Wat geschitt wann elo schonn ierjendwou eng Zone d’activité économique steet?

- ➔ Dat ass schonn mam Wirtschaftsministère gekuckt ginn. Eng „zones d’activités économiques communales type 2 » sinn fir schwéier Industrien. Esoueng Zone gëtt et net am Gebitt an et ass näischt an de plans sectoriels geplangt. Et ass also kee Problem fir déi betrafte Gemengen.

1.9 an 1.10 – « Utilisation de lubrifiants et d’huiles de décoffrage » an « Le ravitaillement en hydrocarbures des engins de chantier... » : Ab wéivill Liter brauch een eng Autorisatioun ? Brauch een eng Autorisatioun wann een mat enger klenger Motosee an de Bësch geet?

- ➔ Et ass fir déi grouss Maschinnen geduercht déi z.B. am Bësch schaffen. Fir eng kleng Motosee brauch een also keng Autorisatioun ze froen.

Chapitre 4. Urbanisation et trafic

4.3 – Désignation de nouvelles zones à bâtir : Dierf een am PAG ëmklasséieren ?

- ➔ Jo, dat steet am Punkt 4.3.2 : « Modification des zones définies à l'intérieur du périmètre d'agglomération ».

4.4 – Construction de bâtiment: Wéi leeft dat konkret oof fir d’Gemeng wann ee Bierger bauen well?

- De Bauhär freet eng Autorisatioun bei der Gemeng un an muss gläichzäiteg och eng Waassergenehmigung froen. Fir d’Gemeng ännert dat also näischt.
- Autorisatioun ass wichteg fir dat de Bauhär geschützt ass. Falls eppes geschitt, gëllt de principe pollueur-payeur. Wann de Bierger eng konform Autorisatioun huet, läit deen net am Feeler.

4.13 - Transport de produits de nature à polluer les eaux interdit en Zone IIB : Dann dierf Lëtz an Beiwen kee Mazout méi kréien ?

- Desserte locale ass méiglech, mä keen Transitverkéier. Dat ass elo schonn esou. Awunner vu Lëtz an Beiwen dierfen also weiderhin Mazout geliwwert kréien.

4.16 – Exploitation de parkings : Muss d’Gemeng eng Autorisatioun froen fir de Parking Fuussefeld zu Ensber?

- De Punkt 4.16 ass nëmme fir Parking déi manner wéi 10 meter vum Stau sinn. De Parking Fuussefeld ass also net betraff.

Chapitre 5. Interventions dans le sous-sol

5.2 – „Tunnels, galeries, cavernes et activités minières souterraines » - Dierfen d’Schieffergrouwen zu Martel benotzt ginn ?

- Fir toutistesche Zwecke ass dat kee Problem.

5.3 – Réalisation de forages: Ass Géothermie nach méiglech?

- Jo. Dat steet am Punkt 5.5 (Installation de sondes et capteurs géothermiques)

5.4 – „Utilisation d’explosifs“ : Dierf een fir Nationalféierdag kee Freedeféier méi maachen ouni Autorisatioun?

- Dëst Kapitel behandelt nëmme « Intervention dans le sous-sol ». Freedeféier fält also net ënnert dësem Punkt. Gemengen brauchen een also keng Waasser Geneemegung fir Freedeféier.

Chapitre 6. Exploitations agricoles, horticoles

6.3 – Firwat sinn „Paddock“ geféierlech?

- (enclos non consolidé) Onbefestegt Platzen wou d'Waasser an de Stau geleet gëtt ass eng bakteriologesch Gefor. Et muss een also kucken dat een d'Waasser sammelt gëtt.
- Während den Diskussiounen huet sech erausgestallt dat bei de Paddocks ee Feeler steet. Paddock sollen net verbueden ginn, mä hei sollten déi selwecht Dispositiounen wéi am Punkt 6.2 stoen.

6.11 – Stockage d'ensilage- Dierf een Silos um Feld lagere?

- Prinzipiell Nee, well de Risiko vum Sickersaft geféierlech ass. All Betrib muss eng Lagerkapassitéit hunn. Bei exzeptioneller Recolte ass et awer Méiglech.

6.12 – 6.13 : „Stockage de balles d'ensilage“: Dierfen keng Ballen méi um Feld stokéiert ginn?

- Dréchen Ballen (matière sèche >30%) dierfen stokéiert ginn. Naass Ballen sollen net stokéiert ginn.

6.14 – Stockage Mëscht : Dierf keng Mëscht méi um Feld stokéiert ginn?

- Mëscht soll nëmmen eng kuerz Zäit leien bleiwen an soll duerno op d'Stécker bruecht ginn. Et dierf ee net 1 ganz Joer stockéieren.

6.19 – Pâturage: An den Indice 24 + 25 steet dat een eng cloture laanscht Baachen setzen muss fir déi normal Beweedung (6.19.2). Dat steet awer net fir d'Ganzjoeresbeweedung (6.19.1).?

- Ganzjoeresbeweedung muss och eng cloture setzen fir Waasser ze schützen.

6.19 – Ganzjoeresbeweedung: Ass eng Ganzjoeresbeweedung nach méiglech?

- 6.19.1 – Jo dat ass méiglech enert de Konditiounen vun de Biodiversitéitsprogrammer (cf. Indice 23)

6.20 : „Changement d'affectation d'une prairie permanente“ : Dierf een guer net méi wiesselen oder ass et een Ennerscheid ob et mam Grubber oder mam Plou gemaach gëtt? ASTA mescht do een Ennerscheid.

- Émwandelen vun Gréngland an Akerland ass verbueden, egal wéi eng Methode. De Risiko läit nämlech beim Émbroch vum Terrain, an net bei der Methode vum Émbroch.

6.23 - Fertilisation avec des engrais phosphatés : Wéi ass et bei de Privatléit déi Phosphathalteg Stoffer benotzten (zB Wäschmëttel) ?

- ➔ Waasser vun den Haiser geet op d'Kläranlag. Phosphatfällungen kréien de Phosphat an den Kläranlagen eraus.

6.30 – Fertilisation interdit en Zone IIB an IIA – Ass dat ubruecht ?

- ➔ Zone IIB an IIA ass direkt ronderëm de Stauséi. Risiko vun der Auswäschung ass do ganz grouss. Düngung ass eng Bakteriologesches Gefor fir Drénkwaasserqualitéit an och fir Badegewässerqualitéit. Hei kennen Daarmbakterien (escherichia coli) Gesondheetsproblemer verursaachen wann Léit am Stauséi schwammen ginn. An der Zone IIA an IIB läit ausserdeem majoritär Bësch.

6.30 – Fertilisation interdit en Zone IIB : dee ganzen Eschduerfer Plateau läit do dran !

- ➔ Den Eschduerfer Plateau läit haut schonn an der Sanitärer Schutzzone 1. Haut dierf also laut Gesetz vun 1961 och keng Gülle an keng Pestiziden op dëser Platz ausbruecht ginn. Dat dierft also näischt änneren wann een d'Gesetzgebung vun 1961 anhält. Dat ass eng ganz sensibel Platz wou alles direkt an de Stau leeft wou de SEBES d'Waasserentnahme mëscht.
- ➔ Déi betrafte Betriber sollen eng Ënnerstëtzung kréien an et soll zum Beispill eng Gesamtanalyse vum Betrib gemaach ginn.

6.30 – Firwat ass den organeschen Dünger verbueden mä net den mineraleschen?

- ➔ Dëst betrefft nëmmen d'Flächen déi direkt ronderëm de Stauséi leien. Et sinn also nëmmen wéineg Flächen an der Zone IIB betraff. Den organeschen Dünger stellt eng Bakteriologesches Gefor. Hei kennen Daarmbakterien (escherichia coli) Gesondheetsproblemer verursaachen wann Léit am Stauséi schwammen ginn.

6.33.2 - Elevage de volaille en plein air – Dierf ee Bauer net beim Programm matmaachen fir Poulet fir de Cactus ze liwweren ?

- ➔ Grouss Héngerstall sinn an der Schutzzone III méiglech. Limitatiounen betreffen nëmmen déi méi sensibel Flächen.

6.35 – « Couverture du sol durant toute l'année » ass obligatoresch : Kritt de Bauer dann iwwehhaapt nach eng finanziell Ennerstëtzung wann eppes obligatoresch ass ?

- ➔ Indice 33: hei steet extra dran « au moins une variété ». Agrarremweltprogramm vum Landwirtschaftsministère ass mat « plusieurs variétés », dofir kann een d'Hëllef duerch d'Agrarremweltprogrammer kréien. Dat ass mam Landwirtschaftsministère ofgeschwat ginn.

6.35 – Wat geschitt wann de Bauer eng Zwëschenuucht aséint, mä wéinst dem Wierder näischt wiest an keng permanent couverture du sol do ass? Ass de Bauer Schold?

- Wichtig dat de Bauer alles richtig mësch an eng Zwëschenuucht aséint. Wann d'Wierder net matspillt dann kann de Bauer keng Schold kréien.

6.37 – „Mesures contre l'érosion“ : Erosioun ass ee natierlecht Phenomen an wuer schonn ëmmer do.

- Erosioun gëtt duerch verschidden Aktivitéiten vum Mënsch verschäerft. Mir müssen dat dofir limitéieren. Erosioun ass ee Problem fir d'Fësch déi keng Sedimenter verdroen an fir d'Bloalgen Problematik.

Chapitre 7. Exploitations sylvicoles, pêche, chasse

7.5 - Entrepôt de bois à l'air libre – An der Zone III an IIC brauch een eng Autorisatioun. Gëllt dat och fir de Privatgebrauch wann ee nëmmen 3 Kouerten Holz huet ?

- Nee! Dat ass nëmmen fir grouss Lagerungen geduecht (wéi zB zu Flatzbur). Gefor vun de Gerbstoffer ass do ee Risiko fir de Stauséi.

7.18 - Mesures de repeuplement – Muss ee Fëscherveräin eng Autorisatioun froen wann zB Forellen ausgesat ginn ?

- Jo ! Dat ass awer haut schonn am ganze Land esou.

Chapitre 8. Activités sportives, de récréation et de détente, utilisation militaire et activités diverses

8.6 – baignade interdit en dehors des sites officiellement désignés : „Dat geet awer relativ wäit wann ee net iwwerall ant Waasser goen dierf?

- Dat ass haut och schonn esou. Ausserdeem gëllt dat fir d'ganz Land dat een nëmmen do schwammen dierf wou et offiziell ausgewisen ass an wou d'Waasser d'critères vun der

Badegewässer Directive anhält. Op dësen Platzen gëtt d'Waasserqualitéit kontrolléiert an et ass och ee sécheren Accès fir ant Waasser.

8.7 - « Barbecue en dehors des lieux spécialement aménagés à cet effet » : Am Indice 44 steet « Sauf barbecue sur terrain faisant partie des habitations ». Dann dierf d'Gemeng jo net mei beim Centre culturel grillen ?

→ Et soll ee net op de Plagen oder am Bësch grillen. Am Duerf an op de befestegten Platzen ass dat kee Problem

8.7 – Barbécues en dehors des lieux spécialement aménagés à cet effet : wéi ass et mat grillen während engem Duerffest ?

→ Interdictioun ass nëmmen ausserhalb vum gebauten Perimeter. Bei Fester an der zone verte wier grillen iwwert d'Autorisatioun ofgedeckt, dat ass also kee Problem.

8.9.1 – Indice 45 : „équitation sur des sentiers équestres désignés“ : Et ginn keng désignéiert Wëer fir ze reiden.

→ Domat soll ee vermeiden dat ee mat de Päerd an d'Baachen reiden geet. No Récksprooch mat de verschiddenen Acteurs, gëtt den Text geännert « équitation sur des sentiers désignés ». Reiden soll also weiderhin op Wanderweeër an op befestegten Weeër méiglech sinn.

8.10 – „L'organisation de marchés, fêtes populaires, expositions, ventes ambulantes ou semblables en dehors des zones bâties y relatives : Muss d'Gemeng ufroen wann een Nationalféierdag well eppes am Duerf maachen?

→ Nee! Et steet „en dehors des zones bâties ». Et brauch een also nëmmen eng Autorisatioun wann een ee Fest an der Zone verte oder beim Waasser plangt.

→ Alles wat am Duerf stattfënnt ass kee Problem.

Disclaimer

Les informations contenues dans ce document ont été élaborées afin d'aider le lecteur dans l'examen du projet de règlement grand-ducal délimitant les zones de protection autour du lac de la Haute-Sûre et déterminant les installations, travaux et activités interdites, réglementées ou soumises à autorisation dans ces zones. Ces informations n'ont donc pas de valeur juridique.